



oder aner Kéier héieren, datt de Landwirtschaftsminister eigentlech net och fir den Déiereschutz dierft zoustänneg sinn. Dat wier de Bock zum Gärtner gemaach.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Fakt ass awer, datt d'Veterinären d'Experten an dëser Matière sinn. Et sinn d'Veterinären, déi d'wëssenschaftlech Kenntniser hunn, op deenen dëst Gesetz fousst, an d'Veterinärspektioun ënnersteet nun emol dem Landwirtschaftsministère, an dat ass och gutt esou.

Ech wëll op jidde Fall de Veterinären, mat un der Spëtzt hirem Direkter, dem Dokter Wildschutz, villmools Merci soe fir hire fantascheschen Engagement an deenen dote Froen.

An ech ka mech nëmme widderhuelen: Dësen Text ass a mengen Aen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Dir méist elo zur Konklusioun kommen, Här Minister.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- ...eng éischt Victoire, jo, well en an déi richteg Richtung geet. De Fait, datt mer d'Déieren elo net méi als Saach consideréieren, mä als ee Liewewiesen, wat Péng verspiirt a Gefiller kann empfangen, ass de Bewäis, datt mer eis beim Redigéiere vun dësem ganz neien Text op déi rezent wëssenschaftlech Erkenntnisser baséiert hunn.

Et ass e modernen Text, mat deem Lëtzebuerg eng Virreiderroll an Europa spillt. Fir eis ass dësen neien Text eng éischt Victoire och am Kader vun Nation Branding, well déi aner europäesch Memberstate sech a Saachen Déiereschutz nëmme positiv bei eis kënnen inspiréieren.

Mat dësem Gesetzestext leeë mir de Grondstee fir den Opbau vun engem modernen „Code du bien-être animal“ a mir ginn dem Landwirtschaftsministère déi legislativ Basis, déi e brauch, fir dësen opzestellen, an och de Kontrollinstanzen déi néideg Moyenen, fir déi schwaarz Schof an dësem Beräich ze poursuivéieren an adequat ze strofen.

Mir hunn och eng Sensibilisationcampagne virgesinn...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister,...

(**Brouhaha**)

...Här Minister, wann ech gelift, kommt zum Schluss!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Erlaabt mer nach just deen dote Saz!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, mir ware scho ganz fei mat lech.

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Mir hunn eng Sensibilisationcampagne virgesinn, an där mer wëllen d'Leit informéieren, wat an deenen eenzelne Beräicher wäert änneren. Vu muer un, wann den Text elo gestëmmt gëtt, wäert extra dowéinst an Internetsite - déiereschutzgesetz.lu - online sinn, souzesoen eng Plattform, wou een d'Gesetz kuerz an einfach virgestallt kritt an eng Äntwert op seng Froe fënnt. Et geet hei drëms, d'Leit opzeglären...

(**Brouhaha général**)

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou, Här Minister, maacht elo e Punkt!

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.*- Ech wëll just dann ebe schléissen, andeems datt ech soen,...

(**Hilarité générale**)

...Déiereschutz ass eppes, wat eis alleguer ugeet, sief dat als Besëtzer oder als Halter...

(**Interruption par la présidence**)

...vun engem Déier, awer och als Konsument vu Liewensméttel, déi vun den Déieren ofstamen.

Ech soen lech Merci fir Äert Nolauschteren. Merci, Här President, fir Är Gedold a Merci fir eng breet Zoustëmmung!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Sou, da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6994.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6994 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Da ginn ech dovun aus, dass mer zu 60 waren?

(**Assentiment**)

Dann ass et 60-mol Jo an de Projet de loi 6994 ass mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par M. Marcel Oberweis), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Shank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini (par Mme Josée Lorsché);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

(**Interruption**)

Jo, selbstverständlich.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(**Assentiment**)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kommen zu eisem leschte Projet vun de Mëtteg, dem Projet 7153 betreffend de Bail à ferme. An d'Wuert huet elo de Rapporteur, den Här Gusty Graas.

8. 7153 - Projet de loi portant modification

1° de la loi modifiée du 18 juin 1982 portant réglementation du bail à ferme et

2° de certaines dispositions du Code civil

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs

► **M. Gusty Graas** (DP), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet geet et drëms, fir d'Gesetz vum 18. Juni 1982 iwwert de Bail à ferme ze verbesseren. Ech betounen direkt: ze verbesseren! Och wann d'Zuel vun de landwirtschaftleche Betriber hei zu Lëtzebuerg vun 1990 u permanent zrëckgaangen ass, an zwar vun 3.803 op 2.022 am Joer 2015, esou ass awer gläichzäiteg déi landwirtschaftlech Fläch am selwechten Zäitraum ëm 5.000 Hektar an d'Luucht gaangen.

Zënter 1985 hu mer eng kloer Tendenz hei bei eis, datt ëmmer méi Baueren och Land pachte mussen. 1985 waren nach eng gutt 66.000 Hektar a Privatbesëtz, 2015 waren dat der nëmmen nach ongeféier 53.000. 2015 hunn 11.988 Hektar de Famillje gehéiert, während awer 65.337 Hektar an der Hand vun Drëtten waren, déi keng Familljerelatioun mam Piechter haten. An duerfir gëtt et och eng Rei Ursaachen: d'Landesplanung, den Ëmwelt- an den Naturschutz, d'Entwécklung vu landwirtschaftleche Strukturen, den Drock op de Grondbesëtzer an natierlech och de Wunnengsbau.

Wa mer awer wëllen an Zukunft eng nohalteg Landwirtschaft kënnen garantéieren, da mussen d'Bauere selbstverständlich fruchtbar an och gutt Land zur Verfügung kréien. Si mussen virun allem awer och eng Perspektiv hunn, datt se iwwer e längeren Zäitraum och kënnen hir Fläche bewirtschaften. A grad dat Zil wëlle mer mat dësem Gesetz erreechen. D'Sécherheet an d'Planung an och déi finanziell Onofhängegkeet vun de Bauere kënnen nëmme garantéiert ginn, wann d'Land an engem relativ laangen Zäitofschneitt ka geréiert a kultivéiert ginn. Allerdéngs däerf dës Zäitspann och net iwwerméisseg laang sinn, well soss kann ee

sech awer och virstellen, datt eenzel Proprietären net esou ganz frou driwwer wieren.

Natierlech spille bei der Fixatioun vun der Pacht d'Offer an d'Demande eng Roll. Zënter 1983 huet zum Beispill de Loyer vum Agrarland sech méi wéi verduebelt, an zwar vun 112 Euro den Hektar op 233 Euro den Hektar. Dat war awer och nëmme méiglech, well de Bail ebe just eng Dauer vun dräi Joer hat.

Nach méi eng grouss Garantie muss natierlech spillen, wann en Haff gepacht gëtt. Schlisslech ass dann awer och e grouss Maschinnepark gefuerdert an eventuell ass och vill a Béischen investéiert ginn. Duerfir ass et och jiddefalls nëmmen ze begréissen, datt elo d'Mindestpachtdauer vun engem Haff vun 9 op 15 Joer eropgesat gëtt.

D'Kënnegungsfrist, déi de Verpiechter muss accordéieren, déi gëtt vun dräi op fënnf Joer eropgesat. Wann an där Situatioun de Piechter nach e ganzt Joer um Haff ass, gëtt automatesch en neie Bail vu 15 Joer geschafen. Bis elo waren dat nëmmen dräi Joer. An deem Fall bleift de Preavis vun der Kënnegung bei néng Méint. Mir waren der Meenung, deen Delai net ze héijen, well e Piechter, dee gekënnegt krut, dee soll awer net déiselwecht Rechter kréie wéi een, deen de Bail net denoncéiert krut.

Bei de Parzelle kann de Bail elo fir sechs Joer verlängert ginn. Bis elo waren dat jo nëmmen dräi Joer. Och de Preavis ass no uewen ugepasst ginn, an zwar bedréit deen elo an Zukunft dann zwee Joer. Eng Revisioun vun der Pacht kann nach just all fënnf Joer ugefrot ginn. Meeschtens gi jo dann d'Loyeren net onbedéngt no ënnen ugepasst. Et ass jo éischter dann de Contraire. Eng Verlängerung vum Delai vun dräi op fënnf Joer ass dann och am Interêt vum Preneur.

Dës Ännerungen hunn dann och e Virdeel bei der Ufro vun enger Rei vu Primmen; ech denken zum Beispill un d'Mesures agro-environnementales oder d'Landschaftsflëeg, déi d'Dauer vu fënnf Joer u sech jo munchmol dépasséieren. An dowéinst ass et och besser, datt mer hei déi Verlängerung och virgesinn.

Mat dësem Gesetzesprojet gëtt jiddefalls och profitéiert, fir der gesellschaftlecher Entwécklung Rechnung ze droen, an zwar wat agedroe Partnerschaften ubelaangt. Esou gi Schutzmesuren och dem Partner iwwerdroen an dat am Sënn vum Gesetz vum 9. Juli 2004 „relative aux effets légaux de certains partenariats“.

Eng aner wichteg Neierung an dësem Gesetz ass, datt elo de Propriétaire dem Piechter muss matdeelen, wann e säi Land wëllt verkafen. D'Vente kann dann net virun engem Mount geschéien an an deem Delai huet de Preneur d'Méiglechkeet, fir eng Kafoffer ze maachen. Wann de Bailleur dës Klausel net respektéiert, ass seng Vente ongültig. Dës Klausel spillt awer net, wann de Bailleur decidéiert, e Verkauf duerch eng éffentlech Ausschreiwung ze maachen, oder wann et sech ëm eng Vente forcée handelt. Ech wëll awer och hei ënnersträichen, datt de Preneur hei net en Droit de préemption huet.

Da gëtt och den Artikel 815-1 vum Code civil geännert, wat d'Indivisioun an eng Attribution préférentielle am Fall vun enger Successioun ubelaangt. D'Indivisioun kann a verschiddene Fäll opgrond vun enger Decisioun vum Tribunal bäibehale ginn, datt awer nëmme fir maximal fënnf Joer. Deen Delai kann awer ënner gewëssene Konditiounen verlängert ginn, ënner anerem bis zur Groussjäregkeet vum jéngsten Nokommen. Wann eng Exploitatioun op Basis vum Artikel 815-1 net an der Indivisioun bleift an och net den Objet vun enger Attribution préférentielle duerstellt, kann den Ierwen awer Rechter op de Betrib mam Véibestand froen.

Fir dem Bailleur dann awer och nach méi Sécherheet ze gi bei der Restitutioun vu sengem Terrain no Oflaf vun der Pacht, kommen nach Obligatiounen fir de Preneur, wat d'Planzen, d'Erhalen oder d'Ersetze vu Wäibierger a Bongerten ubelaangt.

Natierlech mussen och elo eng Rei Iwwergangsdispositiounen hei virgesi ginn, fir datt keng Problemer mat de lafende Pachtverträge entstinn. Den Artikel 41 hält duerfir folgend Delaie fest: Am Fall vun engem Haff, deen zënter mindestens sechs Joer gepacht gëtt am Mount, wou dëst Gesetz a Kraaft trëtt, kann de Bail mat engem Preavis vun zwee Joer gekënnegt ginn. Wann et ëm Grondstécker geet, déi zënter mindestens dräi Joer verpacht sinn, ass de Preavis zwee Joer. Schlussendlech, wann et ëm Grondstécker geet, déi zënter weinstens néng Joer no Akraafttriede vun dësem Gesetz verpacht sinn, dann ass de Preavis fir eng Kënnegung néng Méint.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Wuert och nach zu den Avisen. D'Chambre d'Agriculture, wéi och net aneschtens ze erwaarden, huet natierlech dës

Projet de loi gelueft, weist awer drop hin, datt domat awer net de Problem vu Penurie vu Land hei zu Lëtzebuerg geléist ass.

De Statsrot hat a sengem Avis vum 7. November 2017 eng Opposition formelle zum Artikel 35bis gemaach, wat d'Obligatioun vum Bailleur ubelaangt, de Piechter iwwer en eventuelle Verkauf ze informéieren. Doropshin hate mer dann och an der Kommissioun eng Rei vun Amendementer ugeholl, déi de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 8. Mee 2018 guttgeheesch hat.

Och wann et sech bei dësem Gesetz deelweis ëm e juristescht ganz komplexe Kader handelt, esou wäert et awer am landwirtschaftleche Milieu ouni Zweifel op e ganz positiven Echo fallen, well eben doduerch elo vill méi Planungssecherheet entsteet. Ech gi ganz gärten zou, datt dat hei, wéi gesot, net esou einfach ze verdauen ass. Mä denke mer un déi Leit, déi dovunner hei profitéieren! An dowéinst géif ech lech och ofschléissend bidden, dësem Gesetzestext zoustëmmen, a ginn och gläichzäiteg den Accord vun der DP.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och. Éischt Riednerin ass d'Madamm Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen** (CSV).- Merci, Här President, an och e grouss Merci un de Rapporteur, den Här Gusty Graas, fir säi ganz ausféierleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, och 1982 war et immens wichteg, datt mer en neit Pachtgesetz kritt hunn. Et ass och extra eng Broschür gemaach ginn deemools. An ech mengen, déi Broschür, déi läit an all Bauerebetrib doheem. Elo muss mer also ee fannen, deen eis eng nei Broschür mécht.

Fakt ass op jidde Fall an der Landwirtschaft: Den Undeel vum Eegentum hält of, den Undeel vu Pachtland hält zou. D'Betriber ginn ëmmer méi ofhängeg vum Pachtland. An dofir begrësse mer et als CSV, datt d'Planungssecherheet fir déi landwirtschaftlech Betriber duerch dëst Gesetz an d'Luucht geet. D'Mindestpachtdauer gëtt jo eropgesat an d'Verlängerung, wann e Pachtvertrag bis ausleeft, gëtt och eropgesat. D'Planungssecherheet gëtt also am Ganzen eropgesat, wat immens wichteg ass fir eis Baueren. Dofir ginn ech och hei den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Ech hunn awer nach zwou Froen. An zwar, den Här Graas huet gesot gehat, wa Pachtland verkaaft gëtt oder wann ee Pachtbetrib am Ganze verkaaft gëtt, da muss de Verkeefer dem Pächter Bescheed soen an de Pächter huet u sech ee Mount Zäit, fir eng Offer ze maachen.

An ech hunn dozou zwou Froen. Dat Éischt ass: Firwat ass net iwwerluecht ginn, fir awer dem Pächter, dat heescht dem Bauer, eventuell e Virkafsrecht zouzegestoen?

An déi zweet Fro ass: De Bauer kritt ee Mount Zäit, fir eng Offer ze maachen, dëst och beim Verkauf vu ganz ville Flächen oder och beim Verkauf vun engem ganze Betrib. Ee Mount, dat ass extrem kuerz, dat huet de Conseil d'Etat och gesot. Dat bezitt ee jo net aus der Täsch, fir ee ganze Betrib oder och 50 Hektar ze kafen. Déi Suen huet een normalerweis net. Et muss een also e Prêt maache goen, et muss een op d'Bank goen, et muss een e Businessplang eraarechen an esou weider. Ee Mount ass definitiv zimlech kuerz.

Also do meng Fro nach: Firwat ass dës Zäit net eropgesat ginn? Bon, hei hätt d'Gesetz an eisen Aen nach kënnen verbessert ginn. Mä wéi gesot, mir ginn awer den Accord zu dësem Projet de loi, well et am grouss Ganze wichteg ass, datt d'Planungssécherheet zouhëlt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

► **Mme Tess Burton** (LSAP).- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Merci un de Rapporteur, de Gusty Graas, fir säin exzellente mëndlechen an och schrëftleche Rapport. E war esou komplett, dass deem näischt bäizefügen ass. Duerfir maachen ech et kuerz: Ech ginn direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci. Den Här Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (déi gréng).- Merci, Här President. Villmools Merci un de Gusty Graas fir de Rapport. Et ass kloer, dass d'Situatioun vis-à-



vis vun 1982 sech komplett gedréit huet à l'envers, dass just nach en Drëttel vum Land an Eegentum ass an zwee Drëttel a Pachten. Duerfir ass et och gutt, dass d'Landwirtschaft hei eng Planungssecherheet kritt, déi et erméiglecht, d'Betriebsstrukturen entspreechend ze organisieren.

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. Dann den Här Reding.

► **M. Roy Reding** (*ADR*). - Jo, Merci, Här President. Ech bréngen och den Accord vun der ADR zu dësem Text a schlësse mech och der Fro vun der Madamm Martine Hansen un. Effektiv, e Virkafsrecht ass jo normalerweis, dass de matgedeelt kriss: „Ech verkafen zu deem an deem Präis“, an dann exercéiers de dāi Virkafsrecht. Hei ass just eng Offer, op déi een dann awer net muss agoen. Et ass e bëssen en drolege Mechanismus, deen hei virgesinn ass.

Ech soen Iech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. Den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*). - Merci, Här President. Dës Gesetzesännerung soll jo de Baueren, déi en Haff oder Parzelle loune mussen, eng méi staark ekonomesch Sécherheet ginn, andeem ënner anerem d'Laufdauer vun de Pachtverträge verlängert gëtt an aner Dispositionen dra sinn, fir et fir d'Locataire méi previsibel ze maachen.

Déi proposéiert Ännerunge ginn och eiser Meinung no an déi richteg Richtung, mä mir mengen, datt mer eis awer mat dësem Gesetz an engem méi breeden a komplexe Kader bewegen. Wann een d'Gesetz liest, da kéint ee bal mengen, datt d'Problematik vum Drock op d'Präisser vum Akerland an de schwéieren ekonomesche Bedéngunge besonnesch fir déi meescht méi kleng Betriber vum Himmel gefall wär.

Mä et ass awer eiser Meinung no eng Konsequenz vun enger bestëmmter verfeelter Landwirtschaftspolitik, déi och ënnert dëser Regierung weider an déi falsch Richtung gedriwwen gouf. An et ass d'Resultat vun enger Politik par rapport zum Bueden, déi d'Feeler aus der Landesplanung a besonnesch och aus der Logementpolitik iwwerhëlt.

Am Exposé des motifs gëtt op de Réckgang vun de Bauerebetriber an der wuessender genotzter landwirtschaftlecher Fläch higewisen. Et gëtt och ënnerstrach, datt déi meescht Fläch méttlerweil vu Betriber gelount muss ginn. Dës zwou Entwécklung sinn Ausdrock vu méi fundamentale wirtschaftleche Problemer.

Engersäits si se d'Konsequenz vun enger Industrialiséierung an enger Konzentratioun innerhalb vun der Landwirtschaft. Dat ass eppes, wou mer gesinn, datt d'Weichen an Europa wéi och zu Lëtzebuerg ëmmer méi a Richtung intensiv Véihaltung gestallt ginn. Dat heescht, d'Zuel vun de Ranner pro Betrib geet och zu

Lëtzebuerg wesentlech an d'Luucht, och dat an deene leschte Joren.

Well e Betrib pro Rand eng gewëssen Agrarfläch virweise muss, muss e Betrib, dee seng Produktioun u Fleesch an/oder Mëllech erop-schrauwe wëllt, ëmmer méi Agrarfläch zur Verfügung hunn. Dësen Drock op d'Betriber ass héich, well d'Liberaliséierung op europäeschem Niveau an d'Enn vun de Mëllechquote si ëmmer méi dozou zwéngt ze wuessen, fir iwwerhaupt nach kënnen ze iwwerliewen.

Dernieft gëtt awer och national eng Subventionspolitik mat der Strenz gemaach, déi grouss Betriber tendenziell bevirddelegt. D'Resultat vun deem ass, datt eng Course entstanden ass ëm de landwirtschaftleche Buedem, d'Präisser ginn erop an d'Betriber geroden ekonomesch ëmmer weider ënner Drock.

Anerersäits befanne mer eis hei an engem Beräich, an deem de Grondbesëtzer natierlech och ganz zentral ass. A wann ëmmer méi Fläch vun ëmmer manner Betriber gelount gëtt, da weist dat am Ëmkieerschloss, datt d'Landwirtschaftsnotzfläch ëmmer méi am Besëtzer vun e puer groussen Terrainsbesëtzer ass an also eng Muechtkonzentratioun an a ronderëm d'Landwirtschaft amgaangen ass ze entsoen.

A grad an deem Zesammenhang feelt eis an dësem Gesetz, äänlech wéi d'Madamm Hansen et virdru scho gesot huet, d'Afféierung vun engem wierklechen Droit de préemption vum Exploitant-Locataire, wann de Propriétaire vum Haff oder der Parzell verkafe wëllt. Och de Statsrot weist a sengem Avis dorobber hin!

D'Landwirtschaft steet an engem Spannungsfeld tëscht dem Manktem un an dem Besoin no Flächen engersäits an dem ëmmer méi staark konzentréierte Besëtzer vun deene Flächen anerersäits. Datselwecht Phenomeen besteet am Logement. Mir wëssen, a wéi eng dramatesch Schifflag eis dat féiert!

Här President, mir hu kee Problem mat deem, wat am Gesetz steet, mä mir mengen, datt esou Mesuren onzouräichend sinn, fir op eng positiv Aart a Weis op d'landwirtschaftlech Entwécklung anzewierken. Mir mengen, datt d'ekonomesch Sécherheet vun de Betriber an d'Resilienz vun der lëtzebuergescher Landwirtschaft esou net verbessert ginn. Duerfir bräicht een aner Mëttelen.

An am konkrete Fall vun den Terraine stelle mer eis vir, datt, wéi elo am Kader vum Naturschutzgesetz, de Stat e Virkafsrecht op d'Landwirtschaftsnotzfläch misst hunn, fir op deem Wee Betriber, ob bestoender oder neier, ze ënnerstëtzen an déi Betriber ze ënnerstëtzen, déi no sozialen an ökologesche Kritäre schaffen, an domadder d'Lëtzebuerger Landwirtschaft op méi eng breet a méi eng stabil Basis ze setzen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. An d'Wuert huet elo de Landwirtschaftsminister, den Här Fernand Etgen.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Fernand Etgen**, *Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des Consommateurs*. - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, ech wëll mech all deene Mercien, déi virauser ausgeschwat gi sinn, vu ganzem Härzen uschleissen.

Ech wëll just ee Merci derbäisoen, dat ass am Fong de Merci un d'Vertreieder vum Beruff fir hir Virschléi, hir Suggestiounen an hire wäertvollen Input, well mir hunn näamlech mam Secteur selwer d'Fro, ob mer net sollten e Virkafsrecht do mat abréngen, diskutéiert a mir sinn eis mam Secteur eens ginn, wéinst deem enormen Drock, deen hei zu Lëtzebuerg um Foncier ass, fir dorobber ze verzichten.

Ech mengen, e bëssen aus deeneselwechten Ursachen eraus hu mer et du bei deem Informationsrecht eben och bei engem Mount be-looss, well dat Ganzt jo keng verpflichtend Konditioun ass, well et jo nëmmen en Informationsrecht ass. An duerfir si mer dann eben deen dote Wee gaangen.

Ech mengen, ier am Joer 1982 dat éischt Pachtgesetz gestëmmt gouf, ass d'Pacht iwwert de Code civil geregelt ginn. Dem Legislatuer war et am Pachtgesetz schonn deemools wichteg, de Betriber eng gewësse Planungssecherheet ze bidden. Elo, bal 36 Joer méi spéit, muss awer onbedéngt nogebessert ginn, well d'Situatioun vun eise Bauerebetriber, wéi dat scho gesot ginn ass, eng aner ass.

Eis Dierfer hu sech zu engem Liewens- a Wunraum fir ëmmer méi Leit entwéckelt, an dat heiansdo zum Nodeel vum Bauer. War et viru Joréngten nach esou, datt d'Bauerebetriber oder Familljememberen déi meeschten Terraine selwer besiss hunn, mussen Betriber elo ëmmer méi Terraine vun Drëttpersounen pachten. D'Betriber hunn haut prozentual gesi vill manner Eegebesëtzer wéi fréier. Esou sinn 2015 11.988 Hektar vun de Familljebetriber vum Bauerebetrib un de Betrib (veuillez lire: vun der Famill un de Betrib) selwer verpacht ginn, awer schonns iwwer 65.000 Hektar hu misse vun Drëttpersounen gepacht ginn.

Dat féiert noutgedrongen zu enger Situatioun, wou déi eenzel Bauerebetriber ëmmer méi ofhängeg vun den Decisiounen vun Drëtten ginn. De Bauer ass domat mat deene Eenzege, dee sech säi wichteg Handwierksgescheft - d'Land, fir drop ze schaffen - net méi esou einfach leeschte kann. Bei kengem anere Beruff ass dat an deem Ausmooss de Fall. De Bauerebetrib huet haut nient der Wirtschaftlechkeet vill Erausforderungen, wéi zum Beispill d'technesch Evolutioun vu Produktiontechniken an en héije Bedarf vu Kapital am Allgemengen.

Derbäi kënn den immensen Drock op d'Land hei zu Lëtzebuerg an déi héich Präisser vun den Terrainen. Well d'Bauerebetriber fir eist Land awer vu kruzialer Wichtigkeet sinn, muss alles gemaach ginn, datt si och an Zukunft genuch Planungssecherheet hunn an d'Terraine méiglechst zu akzeptabele Präisser kënnen verpachten (veuillez lire: pachten). Duerfir hu mer,

esou wéi de Rapporteur dat gesot huet, am Fong nach eng Rei Dispositionen, wat d'Pachtdauer, d'Kënnegungsfrist, d'Laufzäit vun de Kontrakter, déi Informationspflicht do ugeet, awer agefouert, fir dat dann och ze maachen.

Awer besonnesch hu mer och d'Delaie geännert, fir eben de Pachtpräis ze änneren, well et eben einfach och wichteg gëtt, datt de Bauer eng gewësse Planungssecherheet kritt.

An deem Sënn soen ech Iech och scho fir dëse Projet Merci fir eng breet Zoustëmmung.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. A mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7153 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7153 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An de Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 7153 ass mat der Unanimitéit vun 58 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Claude Wiseler), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par Mme Octavie Modert) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Cécile Hemmen), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Gérard Anzia), Mmes Josée Lorsché (par Mme Sam Tanson) et Sam Tanson;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vun zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten ukomm. Rendez-vous d'nächst Woch. Merci an e schéinen Owend!

(Fin de la séance publique à 17.53 heures)



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Communications
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
3. Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
 - M. Claude Wiseler, M. Félix Braz, Ministre de la Justice

4. Heure de questions au Gouvernement
 - Question n°323 du 11 juin 2018 de M. Gusty Graas relative à la situation politique actuelle au Nicaragua, adressée à M. le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - M. Gusty Graas - M. Romain Schneider, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - Question n°324 du 12 juin 2018 de Mme Nancy Arendt relative à la nomenclature des actes et services des masseurs-kinésithérapeutes pris en charge par l'assurance maladie, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale
 - Mme Nancy Arendt - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale

- Question n°325 du 12 juin 2018 de M. Georges Engel relative au conflit social au sein de la maison de soins à Bettembourg, ainsi que d'une éventuelle intervention de l'Etat, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale
 - et
- Question n°326 du 12 juin 2018 de M. Marc Baum relative à la grève dans une maison de soins à Bettembourg et à son financement, adressée à M. le Ministre de la Sécurité sociale
 - M. Georges Engel - M. Marc Baum - M. Romain Schneider, Ministre de la Sécurité sociale
- Question n°327 du 12 juin 2018 de M. Gast Gibéryen relative aux aides pour le secteur touristique suite aux intempéries, adressée à M. le Ministre de l'Economie
 - M. Gast Gibéryen - Mme Francine Closener, Secrétaire d'Etat à l'Economie
- Question n°328 du 12 juin 2018 de M. Henri Kox relative aux inondations récentes et aux mesures de prévention, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement
 - M. Henri Kox - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement
- Question n°329 du 12 juin 2018 de M. Laurent Zeimet relative à l'arrêt de la Cour constitutionnelle du 6 juin 2018 relatif à l'article 17, alinéa 1^{er}, première phrase de la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement
 - M. Laurent Zeimet - Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement